N°6459
Reçu le 07.07.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.07.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 7. Juli 7 juillet 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Am Enseignement Secondaire ginn eng Partie Coure vu sougenannten externen Experte gehalen.

An deem Kontext wéilte mir folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen :

- Kann den Här Minister eis driwwer informéieren, wéi dës Experte pedagogesch begleet ginn ?
- Kann den Här Minister eis matdeelen, a wéi enge Fächer op extern Experten zréckgegraff gëtt a fir wéi vill Wochestonnen ?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Co-Fraktiounspresidentin

Marc Spautz
Deputéierten

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6459 vun den honorabelen Deputéierte Martine Hansen a Marc Spautz**

Am Enseignement secondaire besteet déi primär Aufgab vun de sougenannten „Experts externes“ doran, an engem Domän ze intervenéieren, an deem si duerch hire beruffléchen Hannergrond oder hir berufflech Vergaangenheet eng Erfarung oder eng Expertis hunn, déi een am Prinzip net bei engem Enseignant fënnt.

D'Experts externes intervenéieren a verschiddene Beräicher wéi zum Beispill der Organisatioun vu peri- a paraschouleschen Aktivitéiten, der Begleedung vu Stagen am Beräich vun de Gesondheets- an den educative Beruffer oder nach der Simulatioun vu Beruffssituatiounen am Gesondheetsberäich.

Donieft ginn awer och eng Rei vun Experts externes fir den Unterrecht agesat; de follgenden Tablo weist d'Opdeelung no Fächer an d'Zuel vun de Wochestonnen, déi wärend dem Schouljoer 2021/2022 vun dëse Leit gehale goufen.

| ***Fach*** | ***Wochestonnen*** |
|---|---:|
| Allemand | 1,11 |
| Anglais | 18,31 |
| Arts et culture | 6,66 |
| Chimie | 2,92 |
| Communication professionnelle | 2,77 |
| Éducation artistique et matières apparentées | 18,44 |
| Éducation musicale | 11,66 |
| Éducation physique | 15,33 |
| Français | 8,11 |
| Informatique | 26,00 |
| Luxembourgeois | 7,00 |
| Mathématiques | 16,77 |
| Matières techniques diverses dans le domaine de la Form. professionnelle | 10,17 |
| Métal | 6,22 |
| Psychologie | 13,88 |
| Scienes économiques et matières apparentées | 14,00 |
| Sciences naturelles et matières apparentées | 7,00 |
| Tourisme | 4,44 |

Dës Zuele weisen, datt d'Zeréckgräifen op Experts externes, déi direkt am Unterrecht intervenéieren, marginal ass an eng absolut Ausnam duerstellt.

Déi pedagogesch Begleedung vun den Experts externes geschitt schoulintern; si gëtt vun den Direktioune vun de Lycéeën organiséiert.

Lëtzebuerg, den 2. September 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH